# Jidderengem

# sein Goût

E löschtegen Enakter vum R.T.

Modistesalon mat Etalagen oder engem lange schmuelen Dösch voll Hitt.Eng kleng Te'k,e gro'sse Spiggel an en Handspiggel, Biller mat schicken Hitt a Mutzen.

| | | |
|---|---|---|
| Perso'nen: | Modiste: | an die 2o Joer âl |
| | Madame Albert: | eng besser Dame |
| | Madame Bergére: | dem Chantal seng Mamm |
| | Chantal: | 12-13 Joer âl |
| | Madame Fridgen: | eng Dame vum Duerf |
| | Pitt: | hiren Mann |

1.Szen

Modiste: (pâckt eng gro'ss Käscht voll Hitt aus,de' all an Seidepobeier ageweckelt sin)
Ech sin awer eso' gespânt we' de' nei Collectio'n menger Clientèle gefâle wärd.Zu Pareis sollen se eso' vill ro'd a greng Hitt droen.(Sie pâckt weider aus) Oh! hei ass emol én eleganten Modell (sie setzt en op,an tröppelt virun de Spiggel.)

Mme Albert: (eng besser Dame könnt eran) Bonjour,ech sichen no engem modernen Hittchen fir den Wanter

Modiste: Kann et eso' eppes sin? (weist en hellen)

Mme Albert: Ech préfére'eren me' eng deischter Fârw,de' passt besser bei mein neien Mantel

Modiste: Wöllt der dösen emol probe'eren? (môsst en op)

Mme Albert: (schneid eng blase!ert) Nén,dén passt net avantageusement bei mein Teint.Le'wer me' eng douce Fârw.Vleicht an d'Brongt awer net beige,dât mecht pâle.

Modiste: (sicht nei Hitt erbei,wullt an der Köscht,an brengt én mat enger Voilette) Desen mecht extra jonk.Kuckt emol de'Ligne, de' diskret Eleganz! Mat e beschen Maquillage gesidd der grad aus we' aus engem Mo'de-journal

Mme Albert: Dre'nt sech gefälleg rondröm virum Spiggel)
En ass net iwwel,awer ech färten e ge'w mengem Mann net eso' richteg gefâlen.

Modiste: Jidderengem sein Goût (zitt den Otem schwe'er) awer ech sin nach lâng net à bout.

Mme Albert: Ech kann mech wirklech net décide'eren.Et déd mir léd.Ech mengen,ech kommen muer eröm (déd hir Händschen un,kuckt sech nach émol an den Spiggel a sét) Awuer dann,bis muer!

2. Szen

Iwerdéms könnt eng Madame mat hirer Duechter vun 12-13 Joer eran.
D'Modiste ass be's iwert d'Madame Albert a stellt all Hitt schnell eröm op hir Platz. Da frendlech

Modiste: Bonjour dir Dammen. Wat wier iech gefälleg?

Mme Bergère: Ǔnst Chantal brauch eng gudd warm Mutz fir den Wanter.

Chantal: Awer keng weiss, dât mecht kannerech.

Modiste: Vleicht eng beige musseg. Dösen Modell gött vill vun den Teenager gedroen. Si sin flott an dach gudd warm.

Mme Bergère: Dann moss se môl op.

Chantal: (schneid eng Grimasse, zitt d'Mutz fest an de Kapp eran a kuckt sech verwonnert am Spiggel.) Esou hun ech e Kapp ewe' en Igel.

Modiste: Dir dirft se nöt eso' weit eran zéien (setzt se frösch op) Geld emol, well ass et vill besser.

Chantal: A wann ech mir ower d'Hoer touppe'eren, dann sin se hemo jo ganz platt.

Mme Bergère: (e beschen verzweifelt) Mé Chantal, mat I2 Joer eso' eng Coiffure, d'Leit ge'we jo lâchen. (sie reselt de Kapp)

Modiste: (Brengt âner Modellen erbei, och en deischteren buschtegen) Joffer Chantal, dann kuckt emol dén hei.

Chantal: Dén schwarzen Igel do môssen ech nöt op.

Mme Bergère: Wölls de wuel roeg sin.

Modiste: Jidferengem sein Goût, Madame. D'Jugend vun haut ass besonnesch exigent. (sie môsst him 3-4 âner Modellen op an hällt him de klenge Spiggel hannert den Kapp.)

Chantal: (lacht, röselt den Kapp, streckt 2 Fangeren hannert sengem Kapp an d'Lûcht ewe' O'eren a seet) I A

Mme Bergère: Schumms du dech nöt, komm kuck der den e'schten hei emol un dén gét dir am beschten vun alleguer (höllt dén e - schten)

Modiste: Dén ass och am flottsten fir dén Alter, en ass wirklech schick an och guer net deier. nemmen 2oo Frang.

Chantal: Kann én en och am Rén an am Schne' opdongen?

Modiste: Dât könnt dir, mé dann musst dir en hemo awer gudd ofklappen fir dass d'Buschten eröm an hir richteg Lag kommen.

Chantal: Kann én en dann nöt kämmen?

Modiste: Nén, wann dir en kämmt, dann zitt dir him d'Hoer jo aus. Dir hut am beschten eröm opzeröselen, dann ass en schein we' nei.

Chantal: Mama, meng Frendin Isabelle huet awer eng Mutz, de' kann én kämmen. Ech hätt och gären eso' eng.

Modist: Mengt dir de' Mutzen, de' gleichzeiteg eng Pareck sin?

Chantal: Jo, de' mengen ech.

Mme Bergère: Du bass nach ze jong fir eso' eppes.Mir huelen de',de' dir eis fir d'e'scht gewisen hutt,an domat basta.

Chantal: Nén net an domat Basta.Emmer sin ech ze jonk,(et täppt mam Fo'ss op den Bueden)A wann ech wöll menger Pöpchen Rosa en neien Rack machen,dann héscht:Durfir bass du dach ze gro'ss.

Mme Bergère: Komm elo gin mir (sie get der Modiste 2oo Frang)Dât nächst Joer, dann bass du alt schons me' âl,dann kucke mer,dann kucke mer dass du eso' eng Pareck kriss,wann se nach am Mo'd sin.

Chantal: (schneid eng Grimass)Wann ech elo keng Kre'en,Dann wöll ech och dât ânert Joer keng.Wéss de wât ech ewer an d'Platz wöll hun?

Modiste: Wât dann?

Chantal: Eng Mutz mat engem Pompon,d'Manette huet eso' eng

Mme Bergère: I Äff mecht der Honnert

Modiste: Ech kann iech én an der gleicher Fârw gin ewe' är Mutz.Kuckt emol

Mme Bergère: Dajé alt!Ech bitzen der en och alt schons selwer drop.Wivill könnt en ?

Modiste: 2o Fr

Mme Bergère: (bezillt)Dajé,dann hun mer dach nes Fridd.Wann ech eppes gesôt hätt vun engem Pompon,dann häss de bestömmt fonnt,dât wär kanner ech.

Chantal: Ech wéss et net. (sie gin aus)

Modiste: Wât en schrecklechen Alter.Bei den Jongen nennt én et d'Lömmelsjôhren,d'Méderercher wölle schons zu den Teenager gezielt gin.An dobei sin se schlömmer ewe' kleng Kanner,et ass neischt ze mâchen Jidferengem sein Goût (sie mecht alles eröm an Uerdnong)

3.Szen

Mme Fridgen: (eng éler Damm streckt den Kapp eran,sie huet en Hutt mat enger lânger Voilette den Reck eran.Sie ass ganz âl ugedoen an tröppelt plattfe'sseg bis an d'Mött vun der Bühn.Sie déd den Hutt of an kratzt sech den Kapp)
Omei,nie me' kommen ech an de' verreckten Stâdt,wo' d'Fraleit mat Boxen a Stiwelen,eso' kurzen Räck an lângen Hoer doröommer lfen.Sie sin schlömmer geresch we' mir fre'er d'Fuesend.D'Welt ass ower iwergeschnappt. (sie keimt an setzt sech)

Modiste: (streng) Bonjour,Madame!

Mme Fridgen: Mein Numm ass Fridgen.Eisen Pitt huet gesôt:Greidi,géi an d'Stâdt an dann kéfs-de dir emol en neien Hutt.Ech hun dén elei och geschwönn Io Joer.An dunn sin mir allen 2 an d'Stâdt komm,

Den Pitt an ech.Hien kuck d'Fensteren dobaussen bis ech eröm kommen.

Modiste: Madame Fridgen,wat fir en Hut wöllt dir dann?

Mme Fridgen: Oh weist mir emol wât dir eso' hut fir eso' Fraen ewe' ech.

Modiste: (weist âl Modellen) We' fannt der dén elei?

Mme Fridgen: Eso' eppes âlmo'desches wöll ech nöt.Eise Pitt huet gesôt:Mach dass de mat engem flotten Hut könschs,well en muss we'nstens 6 Joer am Mo'd sin.

Modiste: (most op) Kuckt iech emol am Spiggel,Vun hannen,passt en ganz gudd e mecht richteg dammeme'sseg

Mme Frodgen: En ass jo net iwel(dre't sech steif rondröman kuckt zur Fönster eraus.Sie geseit hieren Mann,an wenkt him)Hé Pitti,kuck mech emol,sin ech net schein eso'?

(De Pitt trött an d'Fönster,grad eso'verröscht ewe' sie an e wakkelt mam Kapp)

Modiste: Déd hir den Hutt of an höllt en âneren)

( Dén elei stét iech bestömmt avantagös

Mme Fridgen: We' hut dir gesôt? (Kuckt eröm zur Fönster eraus)A wo'hin ass de Pitt elo gangen?(traureg)

4.Szen

Pitt: (könnt zur Dir eran,eng Peif am Bâck,a lâcht)

Dât Döppen do,gét dir ewe' der Ko' den Suedel.

Modiste: (Fir sech) Jidderengem sein Goût

MMe Fridgen: En ass ower ganz modern,gell dir(zu den Leit) Dann kuck emol Pitti.(Sie déd en of an hällt dem Pitten virun d'Nues a sét zur Modiste)Hien ass ebeschen kurzsichteg.

Pitt: (Zitt un senger Peif,kuckt ganz verrächtlech,iwerdéms hien mam Kapp wenkt,lét en op den Stull.Dann kuckt hien sech de'flauschech Mutzen an de' brét Hitt un)

Gr'e't,wanns de môl eso' én gengs opmôssen?

Modiste: Kuckt entrüst,wöllt eppes soen,wiert mat den Hänn,awer schons huet hien e geholl an der Fra opgedoen)

Mme Fridgen: (naïve)Gefällt dén der dann besser ewe' dén âneren Pitti?

Pitt: (Hällt sech den Bauch un vu Lâchen a fällt hannertsech op den Stull op dém den Hutt leit)

Modiste: Ech verbidden iech,Monsieur-Dame,eso' en Zirk hei opzefe'eren. Stitt op a sidd roeg,oder (zum Pitt-den Pitt stét op)

Pitt: Oder (kuckt ellen) Wann meng Fra en neien Hutt kritt dén se 6 Joer lâng soll opdoen,dann ass et e wichtegen Handel (ganz se'er)

Modiste: (deed e Krésch,well we' dén Pitt opgestânen ass geseit sie den Hallefplatten an uergvertutschten Hutt)

Mme Fridgen: Wât jeitzt dir dann eso!?Dir därft nöt iwert mein Pitt jeitzen.
(sie könnt me' no,an kuckt den hallefplatten Hutt)
Jo Awer dât ass nunneh de iwerhâpt nach nöt gesir(staunt)
(Sie déd se'er den kare'erten Hut of)

Modiste: (reisst d'An op,dreckt den vertutschten Hut e beschen a Fassong)
Wann ech gelifft!

Pitt: Jo huel dén do,Griet (lâcht)

Modiste: E könnt 500 Fr

Pitt: Eso' deier!

Mme Fridgen: Ech doen e jo och 6 Joer lâng op,Pitti,dann ass dât net ze deier

Pitt: (bezuelt lues a schmunzelt) Meng le'w Modiste,dann hutt dir ower en gudden Handel gemacht.Ech hun geduecht fir eso' en vertutschte Hut könnt ech nach mat iech krempelen.

Modiste: (entrüst)Mir sin hei net op engem Frijesmârt.

Pitt: Dajé alt(hien gött dem Gr't den Hut an hat zitt hien mat op d'Dir Komm,bleiw nach hei,mengs de ieren ech wär nömmen komm fir dir no zekucken,wanns du gären en neien Hut häschs.

Mme Fridgen: (ersctaunt)Du häss och gären en neien Hut?

Pitt: (Weist mat der Peif op d'Dunnen) Jo,eso' e le'wen,modernen.

Mme Fridgen: Jéjé,bass du geckeg,huet de'verreckten Stâdt dech ugestach?Komm se'er,mir gin hém,iers du mir nach iwerschnâps.(zitt en mat aus)
Awuer dann,bis eng âner Ke'er

Modiste: Awuer,bis a 6 Joer,pourvu dass dén Âlen net verre't wo'hir d'Tutschen kommen,soss kre'en ech sie eröm geschwönn gelueden.
Hoffe mir dât Bescht,an losse mir jiderengem sein Goût.

Rideau